LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire n° 3949 du 25 mars 2021 de Monsieur le Député Jeff Engelen concernant le "Port d'un masque lors de l'accouchement".

D' Gebuert vun engem Kand ass sécher eng grouss kierperlech Ustrengung fir d' Mamm. Während dem Accouchement, otemt d' Mamm vill, schnell an déif, wat kloer eng Situatioun duerstellt wou Aérosolen produzéiert ginn, déi jo potentiell e gudden Vecteur vum Virus sinn, an sech besonnesch an zouen Raim accumuléieren.

An deem Sënn ass et effektiv logesch fir de Fraen ze proposéieren e Mask während dem Accouchement ze droen. D' Recommandatioun vir esou virzegoen kënnt awer net vun der Gesondheetdirektioun, mee et sinn haus intern Regelen vun de Spideeler an hiren Responsabelen fir d' Hygiène déi hei spillen. All Spidol huet natierlech d' gesetzlech Pflicht d' Iwwerdroen vun Infektiounen ze vermeiden an och säi Personal optimal ze schützen.

D' Droen vun enger Mask ass sécher net ëmmer komfortabel, representéiert awer op kee Fall e Gesondheetsrisiko. Am Géigesätz zu enger gängeger, awer falscher Meenung geet nämlech de Sauerstoffgehalt net duerch eng Mask erof.

Et wäert wahrscheinlech an Zukunft do Méiglechkeeten ginn Adaptatiounen vun dëser Regel ze maachen. Et besteet elo effektiv d'Méiglechkeet Schnelltester anzesetzen, an d' Majoritéit vum Gesondheetspersonal ass och geimpft. Op der anerer Säit recommandéiert de Gesondheetsministère säit kuerzem och d' Impfung fir d' schwanger Fraen. Den Europäeschen Zentrum fir de Kontroll an d' Präventioun vun Krankheeten (ECDC) wäert och demnächst Recommandatiounen erausginn, ënnert wat fir Bedingungen (z.B. Impfungen) een eventuell verschidden Barrieresmesuren (z.B. Mask) net méi muss uwennen.